Th.G.Verlag
Esch S/Henri



# D'Mme. Folmer an d'Joffer Bolmer.

Kome'di 1 Akt
arr.v.M.R.

**Perso'nen:**

Mme.Kugel, Hotelière
Le'ni, hirt Dengschtmédchen
Mme.Folmer, } Gäscht
Joffer Bolmer, } Gäscht

**Szénerie:**

Hall vum Hotel.3 Diren am Hannergrond.De' Mötteldir ass Zo'gank, de' 2 âner si Gâschtzömmer,a si gezéchent,gro'ss 1.an 2. Den Hall ass soss no Bele'wen auszestaffe'eren.An der Mött muss en Dösch sin mat enger Schell. - D'Mme.Folmer an d'Joffer Bolmer sin gleich gro'ss,gleich geklédt.De'sélwegt Hitt mat enger Voilette,de'sèlwegt Köfferchen,derno och de'sèlwegt Robe-de-chambre.

1.Szén,Kugel,Le'ni

Le'ni(e propert Médchen vum Land,ass drun ôfzestöpsen,iwerdém wo' de Vorhang opgét schwètzt et schon): Awer Mme.Kugel...

Kugel:Ech wés 't ass ké schlechte Wöllen,ech wés och datt Gäscht munechmol ganz launesch sin.Do muss én awer 7 grued si lôssen an trotzdem ömmer fröndlech an gutt opgeraumt sin.Kurz 't muss én daks vill Gedold hun an 't dürf én net gleich nervös gin.

Le'ni(lâcht hart):Ech nervös? Meng le'v Mme.Kugel,dât glewt dir dach sèlwer net.Ech sin e Médche vum Land, an do kennen d'Leit keng Nerven.

Kugel:Ech si jo och ganz zefridde mat iéch,wollt iéch awer trotzdem e pur nötzlech Wenker gin.Dir sit elo emol an der Stâdt an net me' op dem Land, durfir wèrdte bei iéch d'Nerven och net ausbleiwen.(Le'ni lâcht hell op): Jo,dir lâcht,'t ass awe eso'.(fir sech) Wién nach eso' lâche kann, dén ass nach geson. u Leif a Se'l. (of durch d'Mött)

2.Szén Le'ni eleng

Le'ni(iwer dem schaffen): Ech an Nerven? - Ech hun nach nie gesin we' d'Nerven ausgesin.- Fre'her,we' mir dohém nach Wirtschaft hâten, wann d'Jongen daks op der Kirmes Kome'di mâche wollten, hun ech se sèlwer un d'frösch Loft gest,wann de Kniécht net grad do war.- Dât alles hun ech o'ni Nerve gemâcht.- Oder wan. d'Ko'h mir de Streichémer emgeworf huet,oder wann d'Gés an de Blo'megart geroden ass,dann hätt dir mech emol solle gesin. - Ech gi mat jidderengem fèrdeg . . an do soll ech hei... ('t schellt): Entrez!

3.Szén Folmer,Le'ni

Folmer(dre't niéwent hirem Köfferchen nach e Käffeg mat engem Papagei):Bonjour! Ass hei am Hotel vleicht nach en Zömmer fr.

Le'ni(geziert):Oh,jo Madame,mir hun nach Plâtz fir iéch!(fir sec. (verbeisst d'Lâchen):O Mamm, wât e Gestell!

Folmer:An d'Pensio'n,we' he'ch ass de'?

Le'ni:De Preis ass 55 frang fir d'Nuecht mat garne'ertem Déjeuner.

Folmer:Gutt, ech sin dermat averstanen.Huet dir Wandleis?

Le'ni(fir d'escht be'ss,fâsst sech dann awer erem)Wât? - Mir Wandleis?- Nén,de' hu mir net,-awer wann dir der gèren hätt,ech kann iéch der gleich siche goen.

Folmer:A wât nach? Do ke'mt dir bei mir sche'n un!-Ech hu jo grad durfir derno gefrôt,weil ech kén Ongezeifer wöll.(fir sech) eso' eng Gäns!

Le'ni:A we' ass der Madame hiren Numm,wann ech froen därf?

F:Mein Numm ass Folmer,-Madame Gendarmeriebrigardier Folmer. - Könnt dir mir dann elo gleich mein Zömmer weisen?

Le'ni:Awer secher!Gleich hei lenks,Nr.1.,dât ass èrt Zömmer.

Folmer:Fir mei Papagei,mei Lorchen,ass d'Fudder mir ausgângen.Könnt dir mir e we'neg Papageiefudder besurgen?

Le'ni:Get gleich besurgt.

Folmer:Nach ént,ech hun d'Gewunnegt nuechts ze schnarchen,ech hun awer keng Schnarchdröpse me'.Wöllt dir mir der vleicht an der Aptikt bestellen?

Le'ni(lâcht)Schnarchdröpse sôt dir?

Folmer:Awer secher! Wât ass dann dobei ze lâchen. Ass dât dann eso eppes Sonderbares,wann eng Gendarmeriebrigardiersmadame ~~xxxxx~~ schnarcht?

Le'ni(éscht):Ah eso'!,-jo- ech bestellen se gleich.

Folmer:Da sollt ech och fir mei Mann de Gendarmeriebrigardier e Pak Pabeierkurf matbrengen an eng Bârtbîscht. Könnt dir mir dât och vleicht besurgen?

Le'ni:E Pabeierkurf an eng Bartbîscht? - 't soll besurgt gin.(kichert)

Folmer(denkt no):War et nach eppes? - Nén, dât ass alles. - Also,ech kann mech drop verlôssen,well wösst der, ech si penktlechen Service gewinnt.Irtömmer könne mech an d'Roserei brengen,

Le'ni:Dir sollt zefridde sin.(Folmer lenks of) - Endlech ass se fort Wann de' mir nach me' Kommissо'ne gin hätt,da wär ech bål .. dach nén, ech wöll net nervös gin!Also(ziélt op de Fanger). Schnarchdröpsen,Pabeierkurf,Papageiefudder an eng Bartbîscht. Lôss mech de' Sâche gleich bestelle goen,d'Papageiefudder möschen ech sèlwer.(of,sét virun sech hir):Papageiefudder a.s.v.

4.Szén Kugel

Kugel:Durch d'Mött):D'Le'ni ass wirklech en dichtegt,bravt Médchen, ech si secher datt et sech gutt aliéwe wèrdt. - Mä wo' soll et blo's sin. - Aha,elo fällt et mir bei, 't soll jo haut d'Mansarden raumen an ôfstöpsen.(mecht e we'neg Ordnong dorämmer) Datt hatt gudd Nerfen huet,dât gefällt mir, well am Hotel brauch én se.-We' muss én sech daks no der Laun vun de Gäscht rîchten.('t klappt) Entrez!

5.Szén Kugel,Bolmer

Bolmer(dre't niéwent hirem Köfferchen e Mupp önert dem Arm,soss ass sie zum Verwiésslen der Fâmer gleich):Murg'n!

Kugel(Ganz fröndlech):Bonjour Madame!(fir sech)Endlech emol erem e Gâscht!

Bolmer:Mein Numm ass Bolmer, - Joffer Bolmer!

Kugel:Dât ass sche'n!An dir wönscht en Zömmer bei mir,gelt?

Bolmer:Maja, fir mech a mei Schnucki hei!-We' deier sin èr Zömmer?

Kugel:55 frs.mat garne'ertem Déjeuner...

Bolmer:Get et dobei och eppes ordentleches ze baffen? - Ech sin nähmlech Masseuse!Do muss én d'Armmusklen dichteg ustrengen, dât mecht Apetit!

Kugel:So'.so,dir sit Masseuse? No èrer Positur hätt ech e'schter geméntdir wirt eng...Tipiteuse?

Bolmer(lâcht):Gro'sarteg! - Also gutt, ech huelen en Zömmer.-Fir mei Schnucki hei könnt dir mir vleicht e we'neg Hondsfudder besurgen,gét dât?

Kugel:Awer secher,ganz gar!(hémelt de Mupp):E le'vt De'erechen! - Ass soss nach eppes gefalleg?

Bolmer:ah jo, e we'neg Wödlech Wässer fir mei Schnucki,well no eso' enger Rés ass hié gewint gebuedt ze gin.

Kugel:Dât verstét sech! Eso' en De'erechen wöllt och gepflegt sin, net wo'er?

Bolmer:An dann könnt dir mir - en ganz modernen Hutt bestellen - an och gleichzeiteg e pur rosa Huesebändelen. -Rosa ass meng Lieblengsfarw.

Kugel:Ech kann um Telefon alles bestellen watt dir iéch wönscht. A ganz kurzer Zeit ass et hei.

Bolmer:Eso' gefâlt dir mir,flotten Service ass bei mir d'Hâptsâch, soss kann ech mech entsetzlech oprégen,an da sin ech gleich aus dem Heischen.Wösst dir, ech sin e we'neg mondsüchteg,dât wîrkt op d'Nerven!

Kugel(entsât.fir sech): Eng mondsüchteg Masseuse!

Bolmer:Elo fällt mir gard an,meng Nervendröpsen,de' ech durfir ömmer bei mir hun,sin all...d'Fläsch ass mir geschtr'owend op de Buedem gefall an ass ausgelâf.Mei Schnucki huet et nach opgeleckt.

Kugel:We'? Da get de Mupp jo elo och nach mondsüchteg?

Bolmer:Dât we'neger.Hié begnügt sech dermat den Mond unzebillen.

Kugel(fir sech):Eso' en éklecht De'er,dem wollt ech...(hart)Also, dir wönscht:Hondsfudder a Buedwâsser fir de Schnucki,e modernen Hutt,rosa Huesebändelen an Nervendröpsen ge'nt d'Mondsucht.War dât alles?

Bolmer:Dât wir alles fir haut.Elo muss ech mech ânescht undongen. Weisst mir wann iéch geliéft mein Zömmer Madame...Madame,ja ech wés nach ömmer net emol we' dir hescht?

Kugel:Mme.Kugel!

Bolmer:Mme.Kugel, dén Numm ass jo licht ze behâlen.(weist op Nr.2) ...,ass dât vleicht mein Zömmer?

Kugel:Jo! (Bolmer of)- - Wât e Gestelle! - Da lôss mech elo alles bestelle goen. Wat war et nach(ziélt op de Fanger)am ôfgoen)..

Hondsfudder,Buedwâsser,e modernen Hutt,rosa Huesebändelen...

6.Szén Le'ni

Le'ni(könt ma'm Papageiefudder):Eso', elo ass alles bestallt,an hei äss d'Fudder fir de Vull.(lauschter un Nr.1.)'t ass alles eso' ro'heg.Soll d'Mme.Folmer scho schlôfen?- Wât mâchen ech elo? - Ob ech wuel klappen därf?(lauschtert un der Dir,iwerdém könnt Bolmer aus Nr.2,nach am Réskostüm,awer o'ni Mupp)

7.Szén Le'ni,Bolmer

Bolmer:Aha, och dèrer eng de' un den Dire lauschteren.(hart)Joffer, wann dir lâng lauschtert,da git dir âl!

Le'ni(erschrack):Nén, we' sin ech elo erschreckt! -A we' könnt d' Mme.Folmer dann op Nr. 2? Ech hun hir Nr.1 ugewisen?(Hart) Ech hun net gelauschtert! Ech hun gemént dir de't schlôfen,an hun net gewosst ob ech iéch erwächen därft.

Bolmer:tätätä, nömme keng faul Ausriéden.Dir huet gelauschtert an domat basta.Dir hât blo's de Pech un de' verke'ert Dir ze gerôden.

Le'ni:Mä do he'ert dach villes op.Elo gin ech bâl... Dach nén,ech wöll mech beherrschen!(me' ro'heg):Iwregens Mme.Folmer,war iéch d'Zömmer Nr.1 ugewiese gin,we' kommt dir op Nr.2 ?

Bolmer:Wât: Dir wöllt mir en X fir en U firmâchen? -Nr. 2 ass mir ugewise gin,verstânen?(Le'ni röselt de Kapp) An dann sin ech eng Joffer an hèschen Bolmer,a keng Mme. Folmer! Mirkt iéch dât?

Le'ni:Elo get et mir awer warm!Eso' eppes ass mir awer nach nie passe'ert. Elo grad war sie eng Mme.Folmer, an ewell behâpt sie eng Joffer Bolmer ze sin. - Ech soen neischt,soss gin ech nach granzeg!(hart):Hei ass d'Fudder dât dir bestallt huet fir de Papagei.(Stellet d'Döppchen op den Dösch,wöllt ôf)

Bolmer(opbruecht):We'? Wât? Wién huet dann eppes vun engem Papagei gesôt? Zanter we'ne ass e Mupp dann e Papagei? Do he'ert dach d'Weltgeschicht op!

Le'ni:Mme.Folmer, mâcht mengetwegen de Geck mat wiém dir wöllt, awer net mat mir!

Bolmer:Op d'Seit,schle't d' Hänn zesummen):Natirlech,Mme.Folmer!! 't ass klech!Dât Médchen drém am hellen Dô.(hart)Ech soen iéch et elo fir d'lèschte Ke'er:(bröllt):Ech sin eng Joffer an hèschen Bolmer!

Le'ni(verzweiwelt):Sie ass erem eng Joffer an hèscht Bolmer!! - elo gét mir awer de Schwés aus!

Bolmer:Ech werdt mech an d'Beschwerdenheft androen.Hondsfudder hun ech bestallt a Buedwâsser!

Le'ni(verschôtert):Awer Madame-Joffer-Dir hut dach e Vull!

Bolmer:Ech soll e Vugel hun? - Dât huet nach ké mir gesôt!Joffer, dir huet wuel hei uewen(weist de Kapp) e Vugel!!

Le'ni:Nu ja, da wés ech et net.Entweder sin ech verreckt oder.....

Bolmer:Fir eso' en Hotel bedanken ech mech! Nu git dach emol endlech dât Hondsfudder sichen an d'Buedwâsser,mei Schnucki get soss nach krank.

Le'ni(während et ôfgét):Elo gin ech dach bâl nervös.(röselt de Kapp,gét ôf, Bolmer och)

8.Szén Folmer

Folmer(opgerégt, am Nuechtskléd aus Nr.1.):An dest Hotel kommen ech keng 2.Ke'er me',den Service ass jo abscheileg lues,wann ech nömmen d'Fudder fir mei Papagei hätt. - Dât armt Lorchen ass eso' hongerech(schellt fest) hat bröllt sech bâl d'Papageiensezong aus dem Hals !

9.Szén Le'ni,Folmer

Le'ni(könt mat engem Emer Wâsser,an enger Schossel Hondsfudder) :Ech komme jo schon.

Folmer:'t get och eso' lues Zeit!(geseit den Emer an d'Schossel, schle't d'Hänn iwer dem Kapp zesummen):A wât? Wât...

Le'ni:Mir hâten nach grad eso' sche'n Kalefsschänkelcher,de' hun ech och derbem gemâcht.

Folmer:An den Emer Wâsser?

Le'ni(erstaunt):Ei,fir ze bueden,eso' we' dir et dach bestâllt huet.

Folmer(gét orregt emenaner):Huet d'Welt scho jé eso' eng Verreckthét gesin? Kalefsknachen fir mei Lorgen - an en Emer voll Wâsser? - Elo ruffen ech awer geschwönn em Höllef!

Le'ni(verzôt) Awer...dir huet dach gesot...fir ère Schnucki,ère Mu

Folmer(hämesch):Jo,jo, dir sit mir e sche'ne Schnucki.Ech werd iéc scho vermuppsen,wart nömmen.(rennt emenaner)Kallefsknachen fi

e Papagei! An en Emer Wâsser, - dorann soll dât De'erchen dach secher ersoff gin, gelt?
Le'ni: Mä 't ass jo dach e Mupp!
Folmer (am höchsten Eiffer): Oh, ech könnt bâl aus der Haut fuhren. Wann dir mir nach eng Ke'er Mupp sôt! - Zanter We'ni ass dann e Papagei e Mupp? Zanter we'ni, ech froen iéch?? (rennt emenandr)
Le'ni (fir sech): A virun lo Minutten hues sie mech gefrôt: Zanter we'ni ass e Mupp e Papagei! - Ech kommen eso' lues zur Ansicht datt ech et mat enger Verreckten ze dongen hun. (Hart): Dir braucht iéch awer durfir net opzeregen Joffer Bolmer, ech ka jo....
Folmer (spöttesch): Natirlech, Joffer Bolmer!! Oh, eso' eng verbuhrte Perso'n. - Da lauschtert dach emol Joffer, ech hèsche Folmer! F-O-L-M-E-R- Folmer!! - Ech si keng Joffer mä eng Madame! - Eng Gendarmeriebrigardiersmadame! - Wann dir nach eng Ke'er Joffer zo' mir sât, dann ass et aus mat eiser Fröndschaft!
Le'ni (erregt): A mat menger Geldold och! (verkrasch): Elo grad huet dir mir wurtwirtlech gesôt: Ech sin eng Joffer an hésche Bolmer! (kreischt): Jo, eso' huet dir gesot, ech kann et beschwieren!
Folmer (zeckt): Da sin ech verhext! d'ganz Haus ass verhext - an alles ass verhext! - Am bèschten ech gin erem fort, an eso' se'er we' me'glech. - Elo fänkt et och nach un ze kreischen, dât huet mir nach grad gefélt. Wât fir eng Gendarmeriebrigardiersmadame könnt dann Tre'nen gesin? - (me' ro'eg): Lôsst dach dât Geflenns Joffer, a git le'wer emol kucken wo' de' âner Sâche bleiwen, de' ech bestallt.
Le'ni (mat de'fem Seufzer, wöscht sech d'Tre'nen mamm Köpp vum Schierteg, gét lues ôf, d'Folmer och an hirt Zömmer)

lo. Szén Bolmer

Bolmer (aus Nr.2): Op d'Buedwâsser fir mei Schnucki wèrdt ech wuel verzichte missen, an op d'Fudder och. Hei am Hotel "Durchernén" ass jo neischt ze mâchen! Ech hun de Schnucki scho mat mengem Wâsser gewäsch! - Ech hun him och e Steck Schokolastart gin, dât ech nach a mengem Köfferchen hât, an 't huet him ganz gutt geschmâcht. (schellt) Elo hätt ech nömmen nach gét mein Hutt a meng rosa Huesebändelen, well ech wollt nach e Besuch mâchen, an durfir kann ech dach mei Réshutt net opsetzen. (schellt me' fest) Ommer dé verschlôffenen, driepsechen Service, 't ass einfach e Skandal!

11. Szén Bolmer, Le'ni

Le'ni (mat engem Pabeierkurf ener dem Arm, e Päkelchen an der Hand): Elie sin de' âner Sâchen wann iéch gelifft. De Commisionäre huet gesôt, wann de Kurf sollt me' gro'ss sin. dann.....
Bolmer (greift no'm Kuref, dét e Krésch) An dât soll en he'chmodernen Dammenhutt sin? - Dir mâcht wuel de Geck mat mir? (setzt de Kurf e purmol op de Kapp): We' kommt dir durzo'?
Le'ni (sie muss geckech sin! (Mark) Ech hu schon he'eren, de Gecken soll én net widderspriéchen. (Hart) Wann dât elo - wann dât elo en Hutt soll sin, - da wèrdt et wuel de' neist Fassong sin!
Bolmer (setzt den Hutt erem e purmol op): Nén, dât ass jo onme'glech!
Le'ni (wöllt arenken): E klédt iéch awer gutt!
Bolmer: 't wés én allerdengs beim hautge Mo'd bâl net me' ob e Kuref en Hutt ass oder en Hutt e Kuref. Awer dén Hutt elei wir dach e we'neg ze klotzeg!
Le'ni: Dir gesitt awer wirklech schick dran aus. Wann do nach e Band dru könnt, an eng Fiéder drop, dann...
Bolmer (geheit de Kurf eweg) Ach watt, schwètzt dach ké Blech! Dât ass niemols en Hutt!
Le'ni (fir sech): Sie huet dach nach klor Momenter.
Bolmer: A wo' si meng Huesebändelen? (Le'ni get hir ängschtlech de Päkelchen, sie reisst en op)
Bolmer (Hält eng Bartbîscht he'ch): A wât hésch dât do? - Eng Bartbîscht! Fir wât hâlt dir mech? - Ech hun dach rosa Huesebändelen bestallt. - Elo gét d'Gla mir awer dach bâl iwer. Fir mech, wo ech dach eng Joffer sin, eng Bârtbîscht!!! - Dât ass Verspottung, Veräppelong vun der gemèngster Art.
Le'ni (ängschtlech): Awer, awer, ---de' sollt dach fir ère Mann, de Gendarmeriebrigardier sin.-
Bolmer (wondt sech of): Dât Médchen le'sst sech net bele'eren. 't ass onhélbar! Ewell phantase'ert et vun engem Gendarmeriebrigardier! (polternd): Pâkt iéch aus mengen Aen, an tauscht mir de' Sâchen elo gleich em. Ech wollt en anständegen, awer he'chmodernen Hutt

an e Pur rosa Huesebändelen,awer net dén Onsönn do.(geheit Kurf a Bîscht dem Le'ni virun d'Fe'ss):'t ass net me' ze gléwen.(of)

12.Szén Folmer(aus Nr.1.)

Folmer:Ommer nach ké Papageiefudder.D'Lorchen brengt sech bâl em, et ste'sst mat dem Kapp ge'nt d'Stiéff.Wann dé Villche mir stîrwt machen ech d'Propriétairin vum Hotel derfir verantwortlech.- Ah do schengt én ze kommen('t he'ert én Trött),Nuja, endlech!

13.Szén Folmer,Le'ni

Le'ni Könt éran,an énger Hand den Hutt,an dèr âneren e Päkelchen) :Eso', de' Ke'er wèrdt et dach richteg sin!

Folmer:We',richteg? Wât richteg?- Huet dir de Pabeierkurf kritt?

Le'ni(récht hir ängschtlech den Hutt):

Folmer:Wât, dât do söll e Pabeierkurf sin?

Kättchen:Elo gét et schon erem lass. - Nujé, ech muss hir recht gin,soss get sie nach rosen.Ech wetten sie aass elo gleich erem eng Gendarmeriesbrigardiorsmadame an hèscht Fomer(verzweiwelt):Ach!!

Folmer(huet den Hutt vun alle Seite betruecht,de Kapp geröselt): Nén, dât ass a mengem Liéwen ké Pabeierkurf! Allerdengs wés én beim Stand vum hautege Mo'd bâl net me' wât en Hutt a wât e Pabeierkurf ass. Awer dé Pabeierkurf hei,geseit engem Hutt dach verzweiwelt ähnlech.

Le'ni:'t wèrdt wuel e ganz moderne Pabeierkurf sin!

Folmer(geheit den Hutt an de Eck):Ech bedanke mech derfir,dä kafen ech mir le'wer sèlwer én. - A we' ass et mat der Bartbîscht?

Le'ni(verzweiwelt,während hat der Folmer de Päkelche get,de' e gleich opreisst):Elo soll et erem eng Bârtbîscht sin!!

Folmer(hält d'Huesebändelen spöttesch an d'Lucht):E Pur rosa Huesebändelen!A wât soll mei Mann,de Gendarmeriebrigardier, mat rosa Huesebändelen ufänken?

Le'ni(fir sech):Elo gét et awer dur!(hart)Mengetwegen kann hién sech s'alt önner d'Nuess bannen.

Folmer(ste'sst ma'm Fo'ss op de Buedem):Dât Médchen ass wirklech aus dem Heischen,(me' ro'heg): We' héscht dir Joffer?

Le'ni(kurz):Le'ni!

Folmer:Also,Joffer Le'ni huelt de' Sâchen erem mat,ech kann dach onme'glech mengem Mann,dem Gendarmeriebrigardie,e Fraleitshutt a rosa Huesebändelen matbrengen, -Dât gesit dir dach an?

Le'ni(nekt):Jo,Joffer Bo- ä ä Madame Folmer.

Folmer:Ech gin mir d'Sâche sèlwer kâfen!

Le'ni:Jo, awer....

Folmer:Kén"awer", Dir drémt sche'ngt's am hellen Dâg. An èrer Plât ge'ng ech emol bei den Dokter.

Le'ni:Ech hun awer soss blo's nuechts gedrémt!

Folmer:Also huet de' Sâchen erem mat fort, a brengt mir we'negste: meng Schnarchdröpsen.(Le'ni of):Schued fir dât Médchen. - Awer ech rege mech och ömmer gleich eso' op.(of)

14.Szén Bolmer (aus Nr.2)

Bolmer:Ech war dach e we'neg hart mat dém Médchen, - 't war awer och zevill starken Tubâk,mir,wo' ech eng Joffer sin,eng Bârtbîscht ze brengen. - Nuja, ech kafe mir den Hutt an d'Huesebändlen eben sèlwer. - Wann ech nömmen meng Nervendröpsen hät da wir ech schon zefridden. - Hönt ass Vollmo'nd,do sin ech beštömmt erem geplôt mat mengem âle Leiden,der Mondsucht!.- Ech gin och net ger selwer an d'Apdikt,dât ass mir ze peinlec - awer du Le'wer,eng Commssio'n wèrdt dât Médchen dach och richteg ausrîchten.

15.Szén Bolmer,Le'ni.

Le'ni(könt,lächelt):De' Ke'er hun ech awer net gedrémt! Hei sin d' Dröpsen!

Bolmer(während sie d'Fläsch lasswekelt):A wién huet da behâpt dir de't drémen?

Le'ni(fir sech):Sie wés et schon net me'! -- Ass dât dach e Leiden.

Bolmer(huet d'Fläsch betruecht)ganz erregt):Wât huet dir dann elo erem gemâcht? Dât sin jo Schnarchdröpsen!

Le'ni:Do hu mir et jo erem! - Awer Mme.Folmer,elo grad huet dir mir nach gesot....

Bolmer:Elo ass d'Môss voll...Ewell léft et iwer! Ech schnarchen net, awer ech sie mondsüchteg!(get erregt doeremer)Nén,dât do get ze toll.Entweder sin ech verreckt oder dir sit geckeg!

Le'ni:Meng Mamm hât nach nie e geckegt Médchen.
Bolmer:Ech soll schnarchen? Dât ass zevill!Eso' eng Impertinenz! ass mir nach net begé'nt.- Ewell ass meng Gedold zu Enn.(klappt op den Dösch)Ech soll schnarchen? - Ha, - - Dach wurfir soll ech mech opregen. - Ech Pâke meng Sâchen a gin menger Wé.Direckt op der Plâtz!(of)
Le'ni(erregt):An ech? Oh, we' sin ech eso' nervös! D'Zänn wackele mir schon allegur!Sie wöllt fort,den énzege Gâscht,dé mir hun! Nén,nén, eso' net! Gleich gin ech d'Dröpsen emtauschen,Gleich d'Dröpsen!(se'er of)

16.Szén,Folmer(aus Nr.1)

Folmer:D'Joffer Le'ni ass nach net hei? - We' soll et wuel hei ere'scht an der Kichen ausgesin,bei eso' engem konfuse Médchen.-Do muss alles konterbont durcherén leien. - An eso' engem Haus wöllt ech net iéssen. - 't passe'eren eso'vill Onglecker durch Vergöftongen, - nén,nén, dât ass neischt fir mech.(denkt no) Ech muss mir et wuel iwerléen ob ech heibleiwe soll? Nömme meng Schnarchdröpsen hätt ech nach gèr,(schellt),well de' gin ech mir net gär sèlwer sichen, - Wât ge'f den Apdikter denken vun enger Gendarmeriebrigardiersmadame de' schnarcht.(schellt nach eng Ke'er)

17.Folmer,Le'ni)

Le'ni kont/eeragerannt,ausser Otem):Gott sei Dank,sie ass nach net fort!
Folmer:Huet dir d'Dröpsen?
Le'ni:Hei sin se!- De' wèrdten dach richteg sin?
Folmer(kuckt d'Fäsch,rôsen):Wâ-a-aE? Nerventropfen gegen Móndsucht?- Liésen ech richteg? Mondsucht?(gét erregt emenaner)Ech mondsüchteg? - Elo awer Plâtz,soss get et en Ongleck!(geheit d' Fläsch hin):Dir huet wuel eng Schrauw lass,we'? - Nén, e ganze Grapp sin bei iéch lass! - We' kommt dir derzo',mech eso' ze veräppelen?(Le'ni stét starr so,klappert mat den Zänn an ziddert) Ech soll eng mondsüchteg Le'wenkelche sin? Huet dir scho je ~~kaxaxax~~ eng mondsüchteg Gendarmeriebrigardiersmadame gesin?We'?
Le'ni(stammelt):Né-né-ném!
Folmer:Du le'weger Stre'hsâk,wa mei Mann,de' Gendarmeriebrigardier, dât erfihrt. - - Dach wurfir soll ech mech irgeren? Ech gin nach nervös bis un d'Spötzt vun der Nues! - Ech Pâke meng Sâchen! - Ech gin menger Wé!Op der Plâtz!(of)
Le'ni(kreischt ewell):Huhuhu, an eso' engem Haus bleiwen ech net me'. Ech gin erem op d'Land bei meng Mamm.Huhuhu! - Do ass et vill besser,huhuhu!Eis Ko'h brauch keng Schnarchdröpden! -Eis Gés brauch keng Bartbîscht,an huhuhu,eis Henger a Gäns sin och net mondsüchteg.HHuhuhu!- Ech pâke meng Sâchen a gin!(of)

18. Kugel

Kugel(am erakommen):Soll d' Le'ni bâl fèrdeg sin mat de Mansarden? - 't dauert haut eso' lâng mat him. - Nujé, einstweilen hu mir jo och net vill Arbecht,mir hu jo nömmen é Gâscht am Haus,d' Joffer Bolmer.-D'Geschäft werdt jo alt hoffentlech geschwönn besser goen. - 't war wirklech lues döse Summer. - Ech hoffen awer,durch fröndlech,opmierksam an zevirkommend Behandlong,göt é weider empfuel, an dât prägen ech dem Kättchen all Dâg an. - Hoffentlech bleiwt d'Joffer Bolmer lâng bei eis wunnen.Als Masseuse muss sie dach e gro'sse Bekanntekrés hun,wann sie mech do weider empfiélt, dann....

19.Szén,Kugel,Bolmer(aus Nr.2)

Bolmer(résferdeg,mat hirem Mupp enner dem Arm):Aha,elo geseit én d'Hausméschtesch och emol erem. -Ech gin menger Wé,op der Plâtz(gét opgeregt dorömer)
Kugel:(erschreckt):Dir wöllt scho fort,Joffer Bolmer?
Bolmer:Awer secher! Hei bleiwen ech net me'. Das war einmal,das kommt nicht wieder!!
Kugel(schle't d'Hänn zesummen) :Ech verstinn net...
Bolmer:Eso' eng Konfusio'nsbarak existe'ert op der ganzer Welt net me'.
Kugel: Rätsel iwer Rätsel!
Bolmer:Ech soe grad eso'!Verlângen ech fir mei Schnucki Hondsfudder da kre'en ech Papagoisfudder - Ech bestllen en Hutt mat rosa Huesebändelen, - quètschen och - an d'Platz kre'en ech e Pabeierkurf an eng Bartbîscht! Denkt iéch nömmen:fir mech,ausgerechent fir mech,d'Joffer Bolmer - eng Bartbîscht.
Kugel:Dât ass jo kaum ze glêwen!

Bolmer:Ech wönsche mir Nervendröpsen fir meng Mondsuchtsanfäll, - a kre'en Schnarchdröpsen! - Nén, eso' eppes lôssen ech mir net bidden! Ech misst jo aus der Haut fuhren,wann ech nach länger heible'w. - Do get et dach nach besser Hoteller..
Kugel:Du le'weger Zo'stand,watt ass dann nömme lass?Ech si sprachlos.

2o.Szén,Fomer,Bolmer,Kugel

Folmer(Könnt och résfèrdeg,mat hirem Papagei aus Nr.1,sie ass ganz opgeregt.Bomer huet sech riéchts vir opgestallt,betruecht d' Folmer mat erstaunen.Kugel ass ganz Fassongslos):De' Perso'n do schengt d'Hausmèschtesch ze sin.(gét op an of):Sôt emol,dat ass jo de' rengste russesch Wirtschaft hei.-Eng richteg Fuesendskolonie!-Alles stét op dem Kapp - a wann ech nach länger heibleiwen,da gin ech selver nach jausi!
Kugel:Madame....
Folmer:Ech peiffen op èr Madame! Anständegen Service verlangen ech fir mei Geld a ké Schnickschnack! Ech sin eng uechtbar Gendarmeriesbrigardiersmadame - an do ass èr dämlech Môd,de' titule'ert mech mat konstanter Bo'ssegt als Joffer! - Gesin ech vleicht aus we' eng Joffer?
Kugel:Awer le'f Madame....
Folmer:Losst mech fir d'e'scht ausriéden,well 't muss eng Ke'er vun der Liéwer erôf. Fir mei Lorchen hei bestellen ech Papageiefudder,am Plätz kre'en ech Kallefsknachen,mat engem Kiwel Wasser.- Fir mei Mann,de Gendarmeriebrigardier,wollt ech e Pabeierkurf matbrengen an eng Bartbîscht,do brengt mer jo net dé verreckte Kiéwerleck,e ganz abscheileschen,he'chmodernen Hut a rosa Huesebendelen. Huet der schons jé eso' eppes erliéwt?
Kugel:(packt sech un de Kapp) Oh mei Kapp mei Kapp!
Folmer:Awer dât schlömmst kent nach.Ech schecken d'Médchen an d'Aptikt,fir mir Schnarchdröppsen ze brengen! - Datt ech schnarchen,dat leit bei eis an der Familgen.Mei Papp hat nämlech eng Séerei.- A wat mengt dir wuel wat dat Henkel mir bruecht huet? - Mondsuchtsdröpsen! Huet dir do nach Wiérder? Eng Mon-süchtegsgendarmeriebrigardiersmadame? Du le'weger Zo'stand, wa mei Mann dât he'ert,dén ass am Stand d'ganz Bûd hei ze arret'eren!(schnauft) Ewell ass et aus mat der Gedold!Ech gin a gleich!(stellt sech fir lenks op)

21.Szén. Vireg,Le'ni.

Le'ni:(kent schluchzend eran,ass och résferdeg,dre't en decke Pâck önert dem Arm,stellt sech an d'Mött vun der Bühn)Huhuhu!Huhu! Hei bleiwen ech keng Minut me'! Ech fuhren.....(geseit d'Mad. Folmer,an da mat Entsetzen d'Joffer Bolmer,kuckt e pur Môl mat ömmer gre'sserer Angscht vun engem zum âneren)A wât ass dann dât?Ech gesi jo duebel! -,Oh du le'weger Stre'sâck,an dém Haus hei get én nach ganz verreckt!- Net genug,datt de' Perso'n mech nervös gemacht huet,ewell gesin ech se och nach duebel! Huhuhu! Huhuhu! 't kent nie én Ongleck eleng! (kreischt, lét d'Hänn virun d'Gesicht)
Folmer:(fir sech)Wién soll de' aner Perso'n sin?
Bolmer:Ech hu gemengt ech wîr dén énzege Gâscht am Haus?
Kugel:(zur Folmer)Ech hun de Schlössel fir d'Rätsel fondt.(Le'ni kuckt verwonnert op) We' héscht dir Madame?
Folmer:Ech sin d'Gendarmeriebrigardiersmadame an hésche Folmer!
Kugel:(zur Bolmer) An dir sid eng Masseuse an héscht Bolmer,gelt Joffer?
Bolmer:Ganz richteg!
Kugel:Ewell verstin ech.Dir Madame Folmer huet beim Le'ni Papageiefudder,e Pabeierkurf,eng Bartbîscht a Schnarchdröpsen bestallt.
Folmer:Jo eso' war et.
Kugel:An dir Joffer Bolmer huet bei mir bestallt,Hondsfudder,Buedwasser,en Hut,rosa Huesebendelen an Nervendröpsen ge'nt d'Mon sucht.(lächelnd)Dir Dammen,dir gesit,datt hei nömmen eng Verwiésselung virleit.An dorun sin èr gleich Kostümer am méschte Schold.
Bolmer:(me' ro'eg) Dât licht mir jo an.
Folmer:Wién hätt dât och können denken?
Kugel:Gelt? Durch de' frappant Aehnlechkét huet mei Médchen gemengt ömmer de' selwegt Perso'n virun sech ze hun,we' ech jo och d. Ménong war 't wîr nömmen é Gâscht am Haus.- Le'ni,begreift di ewell och?

Le'ni:Ech si baff!(de' âner lachen)
Kugel:Dir gesid also,le'f Dammen,datt ech un der ganzer Geschicht onschölleg sin.An dir könnt onme'glech mein Haus dorönner leide lossen!
Folmer:D'Sâch huet sech jo geännert!
Bolmer:Ech wöll jo schliesslech och net eso' sin!
Kugel:Merci dir Dammen! Dir an ère Schnucki le'f Joffer Bolmer, sollt et gudd bei mir hun,an un opmirksamer Bedengung soll et net félen. An dir Madame Folmer,an ère reizende Papagei, sollt iéch och hei ganz wuel fillen.(lächelnd zum Le'ni) An d'Le'ni? Wat wöllt dir dann elo ufänken? Wöllt dir wirklech goen?
Le'ni:Ech,ech - ech muss mech erhuelen,well hei sin ech ganz konfus gin! Ech hun neicht we' Pabeierkirf,Hit a Bartbischten am Kapp,ech wöll hémi
Kugel:(le'f) Nu lauschtert Le'ni,ech wés datt dir nächste Sondeg dohém Kirmes huet.(Le'ni lacht) Gesit der ewell lacht dir schon erem.Also,ech gin iéch 3 Dég Congé - bis dohin wèrdt dir iéch schon erem erholl un,gelt?
Bolmer a Folmer:(zesummen) A mir kommen d'Le'ni besichen.
Le'ni:Dat get awer fein! Also bleivt alles beim Alen!
Kugel:Eso' ass et Recht. Da git elo erem fro' un èr Arbecht.
Le'ni:An, - datt et keng Verwiésselonge me' get, - wöll ech mech virgesin.(höllt d'Nummere vun den Dîren erof an hängt se der Folmer a Bolmer op de Bockel,de' si mat hirem Mupp oder Papagei beschäftegt,eso' datt sie et net mirken)
Kugel:(zur Bolmer a Folmer) An dir le'f Dammen,git elo och eröm op èrt Zömmer,fir iéch eso' richteg molleg anzerichten,gelt! (de' zwé gin an hir Zömmeren zreck,elo geseit én ere'scht d'Schölder op hirem Reck)
Le'ni:(zur Kugel,weist op d'Schölder) De' verwiésselen ech net me'!

Vorhang

10.8.53
HR

1 Roll 7 Frang
4 Rollen mat 1 Môl Opfe'erongsrecht 60 Frang.
Ofschreiwen a Verle'nen ass verbueden.